# Snowboardclub Lëtzebuerg

# 2013/2014

Issue 08, January 2014



## Villmols Merci

Fir unzefänken emol en decken Merci un all dei Lait wou um Chrëstmoart 2013 zu Iechternach matgehollef hun. Et war e super Succes an mir wärten d'nächst Joer bestemmt nees dobai sin.

## Naien Internetsite an Facebook-Sait

De Snowboardclub Lëtzebuerg huet eng nai Intenet Homepage. Den Garry huet sech vill Arbescht gemat an huet an denen läschten Wochen a Meint un eiser naier Internet Web Page gebastelt. An dei as elo pünktlech fir 2014 online gangen.

http://www.sbcl.lu

Dir kënnt och op Faceook kucken goen, do haten mir bis elo en normalen User-Account, dat huet elo geännert an mir hun eng Facebook-Page

https://www.facebook.com/sbcluxembourg?fref=ts

Surft emol bis lanscht, schreift är Comments oder lued är Fotoen erop. Vill Spass dobai.

# Championnat 2014 zu Achenkirch

Glaich as et esou wait, d'Landesmeeschterschaften stin virun der Dier. Hei fenns du nach emol eng kleng Zesummenfassung vum Programm an dei wichtegst Informatiounen:

Wanns du nach an d'Schoul gees brauchen mir nach d'Donnéen vun denger **Schoul, Klass an Numm vum Direkter** fir dass mir dir eng Libération de Cour schreiwen kënnen.
Schéck eis dës Donnéen weg esou schnell wei meiglech.

**Den Helm as obligatorsch!**
Fir um Championnat deel ze huelen brauchs du en Helm an du muss desen och undoen!

**Keen Medico - keng Participatioun!**
fir mat op Achenkirch ze fueren an natierlech och fir un de Compétitiounen Deel ze huelen muss du am Medico sportif gewiescht sin an deng Lizenz muss och gülteg sin.

Verschidden Lait hun just 255€ iwerwisen an d'**Memberskart** vergies. Kontrolleiert dat nach emol weg.

Du bas nach enner **18 Joer aal**, da bring weg eng Autorisation Parentale mat. Esou eng Autorisatioun kreien deng Elteren op der Gemeng.

Läschten Délai fir d'Iwerweisung as den **16. Januar 2014**. Aus organisatoreschen Grenn mussen mir bis dohin SECHER wessen wen alles matgeet.

Fir dech unzemellen brauchs du just den vollen Bertag vun **255€ + 25€** Memberskart op de Kont vum Snowboardclub ze iwerweisen:

**LU25 0141 8239 1510 0000 bei der ING**
**Code BIC: CELL LULL**

Supported by:

www.urbannature.lu

# Programm

## Départ zu Lëtzebuerg

Donnersteg den 23. Januar 2014 geet et fort. Emol um 21:00 zu Iechternach op der Kiermesplatz an um 21:45 um P&R Luxembourg Sud. Et geet mat engem Bus vun Voyages Emile Weber bis op Achenkirch.

## Logement

Mir wunnen dëst Joer am Almgasthof Huber, enger Pensioun mat Duebelzemmeren an Hallefpensioun. Des lait op der anerer Sait vum Duerf, also Achenkirch Nord.

Elteren wou hier Kanner wellen begleeden wunnen och an der Pensioun Almgastof Huber.

## Freideg, 24. Januar

Freides kann jidereen sech mam Schigebiet Christlum zu Achenkirch vertraut machen an esou vill Descenten machen wei en Loscht huet.

## Samsdeg, 25. Januar

Den Dag vun den Compétitiounen.

Moies um 10:00 steet den Snowboardcross an 2 Manchen um Programm.

Direkt duerno, um 12:30 as d'Qualifikatioun fir den Parallelslalom. Um 16:00 gett e Patt vum Snowboardclub offreiert.

Den Retour steet dann fir Sonndes um Programm